N°2082
Entrée le 12.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1932 liwwert Ministesch d'Informatiounen, dass am RGTR-Reseau 185 Buslinne vun 11 privaten Entreprisë bedriwwe ginn, woufir de Staat 237 Milliounen Euro ausgëtt.

Wann een d'Passagéierzuelen vum RGTR kuckt (45 Milliounen pro Joer, MMTP, 2020), da kascht den RGTR pro Passagéier am Duerchschnëtt 5,28€. Fir den TICE sti ronn 54 Milliounen Euro am Budget bei engem Passagéierpräis vun 7€ während d'CFL-Busser mat 59 Milliounen finanzéiert ginn an ee Passagéierpräis vun 14,20€ hunn (Äntwert op d'Fro n°1099).

D'Differenz vum Präis erkläert sech duerch déi ënnerschiddlech Opstellung tëschent de parastaatlechen Organisatiounen a privat gefouerte Firmen a ville weider Faktoren, wéi d'Ministesch an hiren Äntwerten erklärt huet. D'Qualitéit vun de Prestatioune souwéi gutt Aarbechtskonditioune spillen hei och eng entscheedend Roll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der leschter Äntwert op d'Fro n°1932 huet d'Ministesch uginn, dass verschidde Busfirmen iwwert Sous-Traitance schaffen. Kënnen dës Linnen och un europäesch Busfirme verdeelt ginn? Falls jo, bei wéi enge Busfirme gëtt dat gemaach, wie sinn hei d'Sous-Traitanten a wéi vill kréien dës Sous-Traitanten fir hir Servicer?

2. Kann d'Ministesch soen, wéi vill Busentreprisen/Busfirmen insgesamt hei am Land existéieren (och déi, déi net ënnert dem RGTR fueren)?

3. Wéi oft sinn d'Busser beim RGTR an de vergaangenen zwee Joer ausgefall?
   Wéi oft war dëst bei den CFL a beim TICE de Fall?

4. Wéi vill Accidenter, an deenen ee Gefier vum RGTR verwéckelt war, goufen et an de vergaangene 5 Joren?
   Wéi vill Accidenter, an deenen ee Gefier vum TICE oder den CFL verwéckelt war, goufen et an de vergaangene 5 Joren?

5. Wéi héich ass den Taux d'absentéisme beim RGTR am Verglach zu deem vum TICE an den CFL fir d'Joren 2022, 2023 an 2024?

6. Wéi héich ass den Taux vum Employee turnover beim RGTR par rapport zu deem vum TICE oder den CFL iwwert déi lescht 5 Jore gekuckt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten